

Lëtzebuerg, den 1. Juni 1er juin
2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„An der Presse konnt ee kierzlech liesen, datt sech fir dëse Summer eng staark Präishausse vun de d’Mëllechproduite erwaart gëtt.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- 1) Wéi vill Prozent vun der Mëllech déi hei verkaf gëtt, gëtt zu Lëtzebuerg produzéiert (opgedeelt a konventionell a Biomëllech)?*
- 2) Wéi vill Prozent vun der Mëllech déi hei produzéiert gëtt, gëtt an d’Ausland exportéiert (opgedeelt a konventionell a Biomëllech)?*
- 3) Wat sinn d’Ursaachen vun der erwaarte Präishausse bei de Mëllechproduiten?*
- 4) Wéi vill kritt de Bauer momentan fir 1 Liter Mëllech (opgedeelt a konventionell a Biomëllech)?*
- 5) Wäerten d’Bauern och vun dëser Präisshausse profitéieren?*
- 6) Kann ee fäerten, datt wann d’Präisser vun de Mëllechproduite klammen, d’Consummatioun erofgoe wäert?“*



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Gilles BAUM
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten